# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 22.4.2015 Informatiounsversammlungen

22 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Gëschter waren mir op der Informatiounsversammlung an der KuFa zu Esch an mir konnten d'Argumenter fir de Nee virdroen. Et war en interessanten an fairen Débat. Fotoen sinn hei. An den Reportage op RTL Télé ass hei.

Weider si mir invitéiert op folgend Versammlungen:

- Donneschdes 23.4. zu Kolmer-Bierg um 19:30 am Centre culturel.

- Donneschdes 30.4. an der Stad um 19:00 am Cercle Cité.

- Mëttwochs 6.5. zu Iechternach um 19:30 an der Primärschoul

- Dënschdes 19.5. zu Ëlwen um 19:30 am Ciné Orion

Mir waarden nach op eng Äntwert fir den Mëttwoch 29. Abrëll zu Stroossen.

Vun der Gemeng Betzder kruten mer leider bis elo eng negativ Äntwert.

Read more … 22.4.2015 Informatiounsversammlungen

### 20.4.2015 D'Auslännerwahlrecht ass net d'Iddi vun de Lëtzebuerger oder vun den Auslänner hei am Land.

19 **Apr** *2015*

D'Iddi vum Auslännerwahlrecht ass réicht sou richteg opkomm am Januar 2013. Deemools war den Wirtschaftsminister Etienne Schneider zu Besuch an der Handelskammer beim Pierre Cramegna. Zesummen hunn si d'Iddi vum Auslännerwahlrecht lancéiert an den Etienne Schneider sot :"Deux ou trois ans de résidence seraient suffisants pour acquérir le droit de vote."
De Politolog Raphaël Kies seet: "j'ai une impression un peu paradoxale que ce droit de vote qu’on veut donner aux étrangers est surtout une demande qui vient de l’élite politique"

Liest weider an dréckt "read more"

Read more … 20.4.2015 D'Auslännerwahlrecht ass net d'Iddi vun de Lëtzebuerger oder vun den Auslänner hei am Land.

## 18.4.2015. Pressecommuniqué zu Asti/Minte

18 **Apr** *2015*
Hei ass en Pressecommuniqué als Äntwert op en Communiqué vun der Asti (hei).

**Benotzt d’Asti d’Hëllefsbereetschaft vun aner Organisatiounen fir hir politesch Zwecker?**

Mir stellen kloer, dass den Drock vun de Memberen selwer kënnt, déi eis kontaktéiert hunn well se net wossten, dass hir Associatioun de Jo zum Auslännerwahlrecht géif ënnerstëtzen.

Dréckt op "read more"

Read more … 18.4.2015. Pressecommuniqué zu Asti/Minte

## 17.4.2015 Artikel am "Lëtzebuerger Land"

17 **Apr** *2015*

(comments: 0)

An der Zeitung "d'Lëtzebuerger Land" vun haut ass een gudden Artikel iwwert d'Auslännerwahlrecht.

nee2015.lu gëtt och erwähnt.

http://www.land.lu/2015/04/17/keng-rechter-fir-d%C3%A9i-b%C3%A4igeprafften%E2%80%A9/

Hei gëtt thematiséiert, dass een bis elo ganz vill iwwert de "Jo zum Auslännerwahlrecht" an wéineg iwwert de "Nee" héiert.

Mä de Nee mécht sech lues a lues méi bemierkbar....

Schliisslech ass eng Majoritéit vun de Bierger fir de NEE.

Liked eis Säit op Facebook an bestellt bei eis Autocollanten per Mail kontakt@nee2015.lu

Read more … 17.4.2015 Artikel am "Lëtzebuerger Land"

## 16.4.2015 Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz (CGJL) d’Plattform minte.lu an d’Auslännerwahlrecht?

16 **Apr** *2015*

D'Jugendkonferenz steet um Internetsite minte.lu als Ënnerstëtzer vum Auslännerwahlrecht.

D'Jugendkonferenz ass den Daachverband vun bal 30 Jugendorganisatiounen (Scouten, Jong Baueren, ACEL, CSJ,...)

Hat d'Jugendkonferenz eng intern Debate iwwer dee Support an huet se doriwwer ofgestëmmt?

Wëssen hir Memberorganisatiounen dass si sech net politesch neutral verhält?

Huet d'Jugendkonferenz eventuell och finanziell zur Campagne fir de Jo bäigedroen?

Read more … 16.4.2015 Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz (CGJL) d'Plattform minte.lu an d'Auslännerwahlrecht?